Lacroix sur meuse

20 Fëscher vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg haten sech, Haut Samschdes den 20. Abrëll 2013, zu Lacroix sur meuse an Frankräich Rendez – vous gin fir zesummen mat der Méck ze fëschen. Et wor dëst, noh den Sortiën op Boismont an op Rabais, eis drëtten Sortie fir dëst Joër. Och Haut woren mir net verwinnt gin vum Wieder, woren d´ Temperaturen am Laaf vun der vergaangener Woch schon deelweis op 25° geklommen, esou woren fir eis Sortie nach 12 ° dovunner iwwreg bliwwen an dobäi koum een zoliden Want deen den ganzen Dag iwwer net nohloossen sollt. Mée och dës manner gudd Viraussetzungen konnten mir duurch eis formidabel Ambiance am Grupp méih ewei gudd maachen an esou stuung éngem gelongenen Fëscherdag näischt méih am Weë. Géint 9 Auer Moies haten déi Meeschten sech um Parking vum Site anfond ewou mir eis fir unzefänken ganz verwonnert d´Aaën geriwwen hun ewell, dass den Änder schon am gaangen wor mat fëschen wor guer net esou aussergewéinlech ass Hien dach ëmmer den Éischten, mée dass den Méckenjang och schon quietschfideel am gaangen wor ze fëschen dat konnten mir net esou richtég gleewen ass Hien dach sos net onbedéngt een "Frühaufsteher". Hien hat sech wuel fir dësen Dag besonnesch vill virgehol an wollt an sénger ganzer Euphorie säin Frënn den Gast ganz ee zwesch annescht sichen goën ewei do ewou Hien elo wunnt .....

Fir d´Fëscher esou richtég waakresch ze kréien huet den Gast déi richtég Medizin duurgereescht déi och deen midsten Fëscher erëm lieweg mécht an iwwerhaapt een richteg gudden Whisky huet bis elo nach kéngem geschued. Duerno sin séier d´Staangen opgeriicht gin an dat ass ëmmer éng wëllkomm Geleenheet fir sech ënnert eneen auszetauschen an dobäi heemlech ze kucken ewei déi anner Fëscher un d´Saach erungin. Dun nach een kléngen Ëmweë bei den Patron vum Site ewou mir och nach ee bëssen Koffein nogefëllt hun an schon stuungen mir beim Waasser.

Am Unfank hun sech d'Fësch ganz zéih gewissen mée lues a lues huet dun jidereen séng Fësch gefaangen och wann mir eis beim geheien Alleguer schwéier gedoën hun mat dem villen Wand deen permanent gebloosen huet. Mée et huet sech awer och erëm gewisen dass een beim Méckenfëschen nie viraus soën kann ewei den Dag zu enn geet. Kuurz éiert mir zu Mëtteg iessen gaangen sin wollt den Luss nach séier an deem Eck probéieren deen dem Wand frontal ausgeliwwert wor an schon nohm drëtten véierten Worf huet Hien een heftegen Bëss gespuert, den Usch an den Jemp woren och direckt mat bäikomm fir ze hëllefen an mir hun allen Dräi net schlecht gestaunt ewei mir déi éischten Kéier den Hiescht gesin hun deen een schwaarzen Streamer mat éngem fluorgringen Kapp gehol hat an obschon den Luss keen stoolenen Virfang an nëmmen 15 honnerstel Nylon gefëscht huet konnt Hien den Hiescht mat der dotkräfteger Ënnerstetzung vun séngen zwee Kollegen sécher landen. Dodernieft sin awer och éng selleschen giel Forellen an wonnerschéin gefierwten Sablingen gefaangen gin, jée Lacroix sur meuse ass villäicht vum Site hir net déi schéinsten Destinatioun déi mir unsteieren mée d'Fësch déi een hei fänken kann weihen dat awer labber op.

Nodeems mir dun Allerguer schon zimlech fréckt gefëscht woren ass et dun op den Apéro gaangen ewou bei éngem gudden Amer mat Béier dat Erliewten nach éng Kéier opgeschafft gin ass. Ewell et och kéngem noh déier villen Aarbecht un Honger gefeelt huet hun mir eis dun och séier iwwert d'Iessen hir gemeet an och hei huet keen et um néidegen Ansatz mëssen geloos. Esou wor et dann och net verwonnerlech dass d'Paus an der Halschent alt nees ee bëssen méih laang gedauert huet. Nohm Iessen sin dun a bee mol och erëm déi Fëscher opgeblit déi Mueres net esou richtég a l'aise woren, esou huet den Patrick, een mol lancéiert, een Fësch nohm anneren gefaangen an och séng Noperen ewei den Fränz, den Bob an den Jemp hun Him an näischt nohgestaanen. Och Mëttes huet den Wand net noh geloos wat awer net verhënneren sollt dass mir alles aus eis eraus gehol hun zeemols ewou eis Sortie op Saulxure sur moselotte an d'Haus

steet an zu Saulxure fëllen mir gewéinlech all eis Reserven erëm op déi mir bis dohinner beim fëschen verbraucht hun. Jee et wor erëm éng ganz geloongen Sortie, déi mir bei éngem leschten Patt éiert mir d'Heemrees ungetrueden hun nach éng Kéier Revue passéieren geloos hun.